PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 17/02/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Mobilitéit & Energie weiderzeleeden.

Fir d'Co2-Emissiounen zu Lëtzebuerg ze reduzéieren, mussen d'Emissiounen aus dem Verkéier bis 2030 erofgoen. Dofir muss de Fuerpark op de Leescht geholl ginn: Verbrennungsmotore sollen duerch alternativ Technologien ersat ginn, déi op erneierbar Energië setzen, wéi zum Beispill d'Elektromobilitéit.

D'Entwécklung vun der Elektromobilitéit setzt awer viraus, dass mer hei am Land (souwéi an Europa) effikass Opluetsinfrastrukturen hunn. Wien een Elektroauto huet, muss och schnell an ëmständlech eng Luetstatioun kënne fannen, fir net op der Strooss hänken ze bleiwen.

Ugesiichts, dass d'Luet-Infrastrukturen hei nach an de Kannerschong sinn (wann ee bedenkt, dass nach eng honnertdausenden Elektroautoen an deenen nächste Joren op d'Strooss solle kommen) ass et wichteg, dass d'Notzer vun Elektrogefierer wëssen, wou déi nächst ëffentlech Luetstatioun disponibel ass.

Verschidden Appe, wéi zum Beispill d'Chargy-App, weisen ëffentlech Luetstatiounen op Plazen un, déi um Privatterrain vun engem Proprietär stinn a wou d'Automobilisten deemno net einfach esou erafueren dierfen, well se z.B. hannert enger zouener Barrière stinn.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Ginn och Luetstatiounen, déi op net accessiblen Terrainë stinn, als ëffentlech Statioune gezeechent?

2. Mellen d'Netzbedreiwer esou Luetstatiounen, wann se wëssen, dass se net fir d'Allgemengheet accessibel sinn?

3. Ginn dës Bornen och an d'Statistiken zu den ëffentlechen Luetsttiounen matgezielt?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député